Eltereschoul J. Korczak
Fondation Kannerschlass
Tél. 59 59 59 59
eltereschoul@kannerschlass.lu
www.kannerschlass.lu

23. September 2020

Eltereschoul Doheem #12

Léif Elteren,

D'Schoul ass erëm un! Dofir befaasst d'Eltereschoul sech an hirer neier Editioun vun **« Eltereschoul Doheem »**, dem « Bréif fir d'Elteren », mam Thema vum Léieren an den Hausaufgaben:

Léiere méi liicht gemaach!

Léiere mécht net ëmmer Spaass a geléngt och net all Kand direkt. Hei e puer Tricks an Tipps wéi dat méi einfach ka goen:

- Eng gemittlech Atmosphär mat wéineg Oflenkung ass wichteg fir roueg a konzentréiert kënnen ze schaffen. E festen Zäitplang fir d'Hausaufgaben erlaabt niewent dem Schaffen nach Zäit fir ze spillen oder fir Fräizäitaktivitéiten. Wärend dem Léiere brauche Kanner och ëmmer erëm Pausen a Beweegung.
- Hausaufgaben hëllefen, dat wat nei an der Schoul geléiert ginn ass, ze festegen. Wat do nach schwéier war, kann doheem widderholl a geüübt ginn. Encouragéiert Äert Kand lues a lues seng Aufgaben ëmmer méi selbstänneg ze maachen. Esou fërdert Dir seng Freed um Léieren a saï Selbstwäertgefill.
- Uerdnung um Schréifdësch an awer och am Schoulsak vereinfachen d'Organisatioun. Spillsaachen um Dësch lenke séier of. De Schoulsak owes mat enger Checklëscht paken, da gëtt och näischt vergiess!
- All Ufank ass schwéier! Mat vill Gedold a Luef kann d'Motivatioun vum Kand gestäerkt ginn.
- Schoul ass nëmmen en Deel vum Liewen vun all Kand. Erfolleg am Sport oder an aneren Aktivitéite steigert säi Selbstbewosstsäin. A wann Äert Kand eppes net verstaanen huet oder iwwerfuedert ass mat den Hausaufgaben, dann hëlleft et e Gespréich mam Schoulmeeschter oder der Léierin ze sichen.

Een **Online-Seminar** zum Thema **"Léiere méi liicht gemaach"** (LU) gëtt vun der Eltereschoul ugebueden, den **20. Oktober um 18:00 Auer**. D'Aktivitéit gëtt geleet vum Julie Bové, Enseignante an externe Mataarbechterin an der Eltereschoul

D'Umeldung fir de Seminaire geet iwwer Email: eltereschoul@kannerschlass.lu
Den Zougangscode fir deen Owend kritt Dir da geschéckt.

D'Equipe vun der Eltereschoul

Eltereschoul J. Korczak
Fondation Kannerschlass
Tél. 59 59 59 59
eltereschoul@kannerschlass.lu
www.kannerschlass.lu

23 septembre 2020

Eltereschoul Doheem #12

Chers parents,

Après les vacances scolaires, c'est la reprise des cours pour nos enfants. Une bonne occasion pour l'Ecole des Parents de se pencher dans la nouvelle édition de sa lettre aux parents **« Eltereschoul Doheem »,** sur le thème des apprentissages et des devoirs à domicile :

Apprendre - un jeu d'enfant !

L'apprentissage et les devoirs ne plaisent pas à tous les enfants et tous ne réussissent pas directement. Ci-après quelques conseils et astuces pour faciliter l'apprentissage :

- Il est important de créer une atmosphère agréable avec peu de distractions pour que l'enfant puisse travailler calmement et de manière concentrée. Etablir un horaire fixe pour les devoirs à domicile laisse du temps libre pour jouer ou pour des activités de loisirs. Pendant qu'ils travaillent, les enfants ont aussi toujours besoin de faire de petites pauses et de bouger.
- Les devoirs à domicile aident à consolider ce qui a été appris à l'école. Les matières qui créent encore des difficultés à l'école peuvent ainsi être revues et entraînées. Encouragez votre enfant à faire ses devoirs de manière autonome. Ainsi, vous fortifiez son envie d'apprendre et son estime de soi.
- Un bureau rangé et un sac à dos en ordre vous facilitent la vie. Avoir des jouets sur le bureau empêche l'enfant de se concentrer sur les devoirs. Astuce : préparez le sac pour l'école la veille avec une checklist, et rien ne sera oublié !
- Tout début est difficile ! Soyez patients et louez votre enfant, sa motivation n'en sera que renforcée.
- L'école n'est qu'une partie de la vie d'un enfant. Rencontrer le succès à travers le sport ou des activités parascolaires ne peut qu'augmenter son estime de soi. Lorsque votre enfant n'a vraiment pas compris la matière ou qu'il est clairement débordé par les devoirs à faire, parlez-en à son enseignant pour trouver ensemble une solution.

L'Ecole des Parents organisera un workshop **en ligne** sur le thème „**Apprendre un jeu d'enfant" (LU)**, en date du **20 octobre à 18h00**. Ce séminaire sera animé par l'enseignante, Julie Bové, intervenante à l'Ecole des Parents.

L'inscription au séminaire se fait par email : eltereschoul@kannerschlass.lu Un code d'accès vous sera envoyé après l'inscription

L'Equipe de l'Ecole des Parents